



D'Panneaue vun eiser éischer Fotovoltaik-Anlag mat enger Leeschtung vun 29,6KWp sinn elo den 12. an 13. Juni um den Dach vum Boulodrome zu Munneref fixéiert ginn esou dat geschwënn grénge Stroum an d'Netz agespeist ka ginn.

D'Foto weist de Montage vum leschte Panneau.

Elo dat d'Walen erduerch sinn, an an eise Gemengen déi nei Buergermeeschteren a Schäfferéit gläich um Rudder sinn, hoffe mir als EKR dat d'Energietransitioun an eisen Uertschaften neien Elan kritt. Mir wäerte weiderhin d'Zesummenaarbecht mat de Responsabele sichen esou dat geschwënn weider Projete presentéiert a konkretiséiert kënne ginn.

EKR.lu

Energiekooperativ
Kanton Remich 1, Place
des Villes Jumelées
L-5627 Mondorf-les-bains

Share on social



Email schreiwen 